ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

No engem rezenten, trageschen Onfall am Tunnel Gousselerbierg an nodeems ee Gefier mat massiv iwwerhéichter Vitesse am Stafelter Tunnel konnt registréiert ginn, huet den Här Mobilitéitsminister op e Neits déi a sengen Ae sënnvoll Iddi vun der Installatioun vu Streckeradaren am Tunnel opgeworf.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi definéiert den Här Minister d'Krittären, déi en Opstelle vun engem Streckeradar noutwenneg, respektiv, sënnvoll erschénge loossen?
2. Firwat ass an den Ae vum Här Minister d'Opstelle vun engem Streckeradar grad an engem Tunnel sënnvoll?
3. Firwat gouf an deem Kontext dann net en Tunnel als éischte Standuert vun engem Streckeradar prioriséiert, mee d'Streck tëscht Gonnereng an dem Waldhaff?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten